



N°5186
Reçue le 04.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 04.11.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.

Wéi lessentiel.lu an engem Artikel vum 2te November beriicht, koum et iwwert de vergaangene Weekend zu Versuergunskpäss op verschiddenen Tankstellen hei am Land, wouropshin dës Tankstellen hu missten op d'Noutreserv zeréckgräifen, wat awer och net verhënnert huet, dass verschidden Tankstelle ganz ouni Dreifstoff bliwwen sinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Aus wéi enge Grënn konnten trotz de strategesche Reserven, déi Lëtzebuerg ugeluecht huet, d'Enkpäss op verschiddenen Tankstellen net verhënnert ginn?
2. Wéi schnell kënnen déi strategesch Reserven am Besoin vun den Tankstellen ugezaapt ginn?
3. Mat der Energiewend wäert an Zukunft de Konsum vu fossille Brennstoffen erofgoen. Allerdéngs stellt sech dann d'Fro, wéi een och hei strategesch Reserve kann uleeën an esou Liwwerenskpäss ka verhënneren (zB bei engem gréisseren Stroumausfall)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu

**Äntwert vum Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°5186 vum 4. November 2021
vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen zum Sujet "Pénurie de carburant"**

1) Aus wéi enge Grënn konnten trotz de strategesche Reserven, déi Lëtzebuerg ugeluecht huet, d'Enkpäss op verschiddenen Tankstellen net verhënnert ginn ?

D'Sécherheestsstocken déi Lëtzebuerg op Basis vu sengen internationalen Engagementer hält, däerfe just am Fall vun enger majeurer Ënnerbriechung vum Approvisionnement, enger internationaler Decisioun, enger spezieller Urgence oder enger lokaler Krise op de Marché bruecht ginn.

Eisen Informatiounen no hat, an dësem Fall, d'Tanklager vun der Shell zu Bartreng temporär Schwierigkeete mam Approvisionnement iwwer d'Bunn an doduerch war op 2 Tankstelle vum Grupp kuerzzäiteg keen 98^{er} Bensinn méi disponibel. Esou Rupture sinn am Fong net aussergewéinlech a kennen ëmmer nees virkommen.

D'Fro vun der Liberatioun vun de Sécherheestsstocken huet sech net gestallt, well d'Shell keng deementspriedend Demande gestallt huet. Wann d'Shell awer eng Demande gestallt hätt, da wär des Demande warscheinlech refuséiert gi well et sech em een isoléierten, zäitlech begrenzte Phenomen gehandelt huet an d'Versuergungssécherheet vum Land a kengem Moment a Gefor war.

2) Wéi schnell kennen déi strategesch Reserven am Besoin vun den Tankstellen ugezaapt ginn ?

De Sënn an Zweck vun de Sécherheestsreserven ass fir d'Versuergungssécherheet vum Land am Fall vun enger Krise ze assuréieren. Wann elo aus iergendengem Grond d'Versuergungssécherheet vum Land net méi assuréiert ass, da kennen d'Sécherheestsstocken an engem relativ kuerzen Delai liberéiert ginn, ofhängeg vun der Situatioun wieren dat a puer Stonne bis zu a puer Deeg.

An dësem Kontext ass och ze bedenken datt eng Ënnerbriechung vum Approvisionnement meeschtens net iwwerraschend kennt an datt et an der Versuergungsketten, z.B. op den Tankstellen oder an den Tanklager, och nach kommerziell Stocke gëtt, déi verbraucht gi virun deem et zu enger generaliséierter Rupture beim Endkonsument komme kann.

3) Mat der Energiewend wäert an Zukunft de Konsum vu fossille Brennstoffe ertofgoen. Allerdéngs stellt sech dann d'Fro, wéi een och hei strategesch Reserve kann uleeën an esou Liwwerenkpäss ka verhënneren (zB bei engem gréissere Stroumausfall)?

Lëtzebuerg hält 90 Deeg Sécherheestsreserven an de Petrolsprodukter. Mat der Energiewend, an der domadder warscheinlech verbonnener Baisse vun den importéierte Volumme vu

Petrolsprodukter, gi linear och d'Volumme vun de Sécherheestsstocken erof. Dat dierft awer am Prinzip keng weider Liwwerenkpäss mat sech zeie well jo nach ëmmer 90 Deeg Sécherheestsreserve gehale ginn.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2021

(s.) Claude Turmes

De Minister fir Energie